



déi den Här Meisch elo gemaach huet. Ech soen och dem Här Wolter villmools Merci fir e ganz komplette Rapport.

Mä dat, wat mer haut hei stëmmen, dat mécht eis scho Suergen. Mir stelle fest, datt Lëtzebuerg an enger ganzer Rei vun internationalen Organisatiounen disproportionéiert héich Bäiträg bezitt. Mir hunn hei elo zum Beispill an dem Dossier FMI festgestallt, datt d'Verhältnis tëschent Lëtzebuerg a Südkorea an de Quote-parten 1:6 ass, wat awer absolut net dem demographeschen Ënnerscheed entsprécht an och net dem Poids économique réel. Südkorea ass eng vun deene 15 gréissten Ekonomien op der Welt, do si mir awer e ganz grousst Stéck ewech.

An den Här Wolter huet mat Recht gesot: Do ass e komplizéierte Calcul, dee gemaach gëtt. Do soe mir awer: Déi komplizéiert Calculé ginn op Basis vu Formele gemaach, déi ee ka verhandelen.

Wat mir als ADR froen, ass, datt Lëtzebuerg selbstverständlech säi Bäitrag an internationalen Organisatiounen leescht, awer proportionell zu deem, wat wirklech aner State maachen, an datt mer dermat ophalen, méi wéi proportional ze bezuelen, well dat ze vill e grousst Gewiicht och op eise Statsbudget huet. Dat ass vläicht gaangen an enger Zäit, wou mer vill Suen haten. Elo si mer a ganz aneren Zäiten. An och déi Bäitrag un international Organisatiounen sollen deem ugepast ginn, wat mer wirklech kënnen duerstellen a kënnen leeschten.

Duerfir maache mir en Appell un d'Regierung, déi Formelen... Mir hu jo och elo grad héieren, datt zum Beispill am FMI déi Quote-parté regleméisseg nei verhandelt ginn. Mä mir mussen dat nei verhandelen an zwar am Interessi vun enger méi klenger Lëtzeburger Participatioun. Déi nächst Kéier ass jo a fënnef Joer; hu mir héieren. Ah ben, dann ass dat d'Geleeënheet, fir et ze maachen.

Mir wäerten, well déi Verhandlung hei elo eriwuer ass, net géint dëse Projet stëmmen, mir wäerten eis awer enthalen, fir der Regierung en daitleche Message mat op de Wee ze ginn, datt déi disproportionéiert héich Kontributiounen, déi Lëtzebuerg un international Organisatiounen leescht, net méi der Zäit entsprechen an datt do eng aner Démarche a méi eng verantwortungsvoll Démarche gefrot ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt den Här Finanzminister Luc Frieden d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Ech wollt och kuerz mäi Vote begrënnen, Här President.

► **M. le Président.**- Ah! Entschëllegt, Här Urbany. Jo.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Ech wollt soen, dass ech géint dat Gesetz hei stëmmen, well den Internationale Währungsfond ass bekannt, dass e vis-à-vis vun den Entwécklungslänner an deene leschten zéng, 20 Joer deene Strukturprogrammer opgedrängt huet, déi fir ganz vill sozial Ravagen an och fir ganz vill sozial Onrou an deene Länner gesuergt hunn. Déi Entwécklung ass staark kritiséiert gi yun esou engem Economist, Prix Nobel de l'Économie wéi de Stiglitz, dee selwer och an deenen Institutiounen als Direkter geschafft huet.

Do ass keng Léier draus gezu ginn. En huet fir d'UNO e Rapport gemaach, wou en eng Reform vun deenen internationale Systemer vurschleift. Deem gëtt hei guer keng Rechnung gedroen. Et geet monter weider an déi falsch Richtung.

A wann ee weess, dass den Internationale Währungsfond sech och elo soll direkt an den Europäesche Stabilitätsmechanismus amëssen, dat heescht an déi strukturell Programmer, déi zum Beispill esou Länner wéi Griichenland oder Portugal opgedrängt ginn, mat deene bekannte Resultater - et brauch ee jo nëmmen d'Televisioun ze kucken, wou et zu grousser Veraarmung vun de Bevëlkerunge féiert an zu deenen néidege Protester dergéint -, da kann ee sech nëmme Suerge maachen iwwert dat, wat weiderhin do nach geschitt mat deenen Opstockungen, déi mer hei maachen, déi eis Dette de l'État wäerten an Zukunft belaaften, awer net fir eng anstänneg Politik ze maachen, eng Politik, déi déi sozial Situatioun an de Länner géif ausgläichen, mä au contraire eng Politik ze maachen, wou déi Strukturprogrammer do um Bockel vun deene Leit, déi souwiesu schonn net vill hunn, ausgedroe ginn, am Interessi virun allem vun de Banken a vum internationale Finanzsystem, deen

zoustänneg ass fir déi ganz Situatioun, an där mer eis befannen.

Ech stëmmen also natierlech mat Neen hei bei deem Projet.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt den Här Finanzminister Luc Frieden d'Wuert.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Finances.*- Här President, ech géif gären dem Rapporteur, dem Här Wolter, an deenen anere Kolleegen, déi heizou Stellung geholl hunn, Merci soen. En fait ass an den Ae vun der Regierung den FMI eng ganz wichteg international Organisatioun, déi net nëmmen an der Theorie fir eng Rei Länner zoustänneg ass, mä déi an deene leschte Méint e wesentleche Bäitrag zur Stabilitéit vun der Eurozon geleescht huet. Dat hätt ee vläicht viru Joren net gemengt.

Den FMI, deem Lëtzebuerg zënter 1944 ugehéiert, war normalerweis net do, fir an eise Regiounen ze hëllefen. Mä an enger Welt, déi zwar zesummenhänkt, hate mer och ëmmer en Intérêt drun, datt, wa Krisen op anere Plaze waren, den FMI konnt hëllefen.

An der rezenten Eurozonkris ware vill Länner der Meenung, datt et absolut noutwendeg wär, datt mer net nëmme géife mat europäeschen Instrumenter déi Kris hëllefe léisen, mä datt mer och géifen d'Expertise an d'Sue vum FMI mat kënnen asetzen. Firwat d'Expertise an d'Suen? Well den FMI ebe vill Erfahrung mat Kriseregionnen huet; an d'Suen, well domadder och déi aner Länner vun der Welt, déi net an Europa sinn, sech un der Stabilitéit vun der Eurozon bedeelegen.

Also hu mer en direkten nationalen Intérêt, fir Member vum FMI ze sinn, a mir hunn en direkten europäeschen an nationalen Intérêt, fir datt den FMI hëlleft. An ech kann lech soen, an deene Sitzungen, déi mer an der Eurozon hunn, hält bei all deene Programmlänner och a leschter Zäit den FMI drun deel. Nach gëschter Owend war d'Generaldirectrice vum FMI, d'Madame Lagarde, an der Sitzung vun Eurogroup, well an enger Rei vu Länner, déi fir de Moment e Programm an Europa hunn, den FMI eng ganz wesentlech Roll spillt, net fir Europa eppes ze diktéieren, mä fir eis ze hëllefen, d'Stabilitéit ze erreechen.

An deem Sënn, mengen ech, ass et nëmmen normal, datt Lëtzebuerg hei un där Revisioun vun deene Quote-parten deelhëlt an un där Neistaffelung, déi soll sécherstellen, datt och déi nei Länner, déi schnell wuessen, e Wuert matzeschwätzen hunn.

Par ailleurs wëll ech soen, datt eise Bäitrag net vu Lëtzebuerg aus fräiwëlleg extra héich gemaach gëtt, mä datt dat d'Resultat ass vu Formelen, déi international festgehale ginn, an datt mir do eise Bäitrag leeschten an eisem Intérêt, net fir iergendwéi an der Welt Cadeauen ze maachen, mä well mer dat noutwendeg fannen, fir Europa an d'Finanzwelt ze stabiliséieren an eiser aller Intérêt.

Dat hei huet keng Inzidenz op d'öffentlech Schold an op den Defizit no de Regele vun der Europäescher Unioun. Et ass richtig, datt dat och fir de Moment keng Sue kascht, mä et sinn natierlech Engagementer, déi an engem „worst case“-Zeenario kéinten zum Deel spillen. Mä dat hei ass e gudde Bäitrag, deen eisem Land villen bréngt an e kascht eis budgetär fir de Moment näischt.

Mä et ass, wéi gesot, aus der Siicht vun der Regierung äusserst wichteg, datt mer den FMI ënnerstëtzen an all deem, wat e mécht. Duerfir muss een net mat all Politik an all Land oder mat all Recommendation vum FMI d'accord sinn. Mä eng Welt ouni FMI wier méi eng onstabel Welt, an duerfir wëlle mer dëse Projet hunn an duerfir si mer frou, datt d'Chamber dee mat breeder Majoritéit schéngt ze stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6445 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 54 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm a 4 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Norbert Hauptert (par Mme Marie-Josée Frank), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy

Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Martine Mergen), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

A voté non: M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Abstentiuon begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 6423, den Traité tëschent den EU-Länner iwwert d'Adhésioun vu Kroatien. D'Riedezeit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Eischen, d'Madame Polfer, den Här Fayot, den Här Braz an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

11. 6423 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, la République de Bulgarie, la République tchèque, le Royaume de Danemark, la République fédérale d'Allemagne, la République d'Estonie, l'Irlande, la République hellénique, le Royaume d'Espagne, la République française, la République italienne, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, le Grand-Duché de Luxembourg, la République de Hongrie, la République de Malte, le Royaume des Pays-Bas, la République d'Autriche, la République de Pologne, la République portugaise, la Roumanie, la République de Slovaquie, la République de Finlande, le Royaume de Suède et le Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord (États membres de l'Union européenne) et la République de Croatie relatif à l'adhésion de la République de Croatie à l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 9 décembre 2011

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur.*- Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet, wéi gesot, ëm de Bäitritt vu Kroatien zur Europäescher Unioun. Et ass déi éischte Kéier säit dem Bäitritt vu Griichenland 1981, dass en eenzelt Land, an net e Grupp vu Länner, opgehall gëtt. An et ass och déi éischte Kéier, dass e Land no deene vill méi strenge Kritären an d'Europäesch Unioun opgehall gëtt.

Mat dësem Bäitritt vu Kroatien geet e ganz laangjährege Prozess zu Enn. E Prozess vun déif gräifende Reformen a Kroatien virun allem, mä awer och an der Europäescher Unioun.

D'Perspektiven, fir der EU bäizetrieden, huet d'Europäesch Unioun deene westleche Balkanlänner am Joer 2000 opgemaach. Deemools hunn d'Europäer erkannt, dass besonnesch eng konkret Bäitrittsperspektiv d'Länner aus der Balkanregioun dozou bewege kann, fir e Stréch ënnert d'Vergaangenheet ze zéien a frëndschafleche Relatiounen ënnereneen ze fleegen. D'Erweiterung vun der Europäescher Unioun soll dann och derzou féieren, dass dës Regioun friddlech bleift a méi stabil gëtt.

Dës Länner gehéieren zu Europa, an dofir ass et och wichteg, dass si en Deel vun dëser Unioun ginn. De Bäitritt zur Europäescher Unioun ass awer keng einfach Saach, déi automatesch ofleeft. Et verlaangt vill Effort vum de Kandidaten. Fir d'Länner vum Balkan un d'Unioun erunzeféieren, huet d'Europäesch Unioun am Joer 2000 de Stabiliséierungs- an Assoziéierungsprozess lancéiert. An deem Kader huet Kroatien dësen Accord am Oktober 2001 ënnerschríwwen, an dat ass 2005 a Kraaft getrueden.

Fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn, muss e Stat déi sougenannte „Kopenhagen-Kritären“ erfëllen. Dat si wichteg Kritären. Do geet et ëm:

Éischtens, déi politesch Kritären. De betreffende Stat muss stabil Institutiounen hunn. E muss derfir suergen, dass den demokratesche System an de Rechtsstat funktionnéieren an dass d'Mënscherechter an de Respekt souwéi och de Schutz vun de Minoritéite respektéiert (veuillez lire: garantiert) ginn.

Deen zweete Volet vu Kritäre sinn déi ekonomesch Kritären. E Kandidat muss eng Ekonomie hunn, déi funktionnéiert an déi Fäegkeeten huet, dem Konkurrenzdrock an de Kräfte vum Maart innerhalb vun der Unioun standzehalen.

An drëttens muss de betreffende Stat d'Obligatiounen vum... muss en dee ganzen Acquis communautaire komplett iwwerhuelen.

(M. Michel Wolter prend la présidence.)

Wichteg ass net nëmmen, dass déi betreffend Staten déi europäesch Gesetzgebung an hiert nationaalt Recht transposéieren, mä et gëtt och gekuckt, ob déi betreffend Reglementatiounen och effektiv an der Praxis applizéiert ginn. De Stat, dee wëllt bäitrieden, muss dann eng offiziell Demande maachen. Dat ass am Fall vu Kroatien am Joer 2003 geschitt. An no engem Joer, am Juni 2004, huet de Conseil européen Kroatien dunn de Kandidatstatus och zouerkannt.

De Bäitrittsprozess erfuerdert, wéi gesot, vill Ustrengungen a Reforme vun de Kandidaten. Mä och d'Europäesch Unioun huet Reforme gemaach. Mam Akraafttriede vum Lissabonner Vertrag huet d'Unioun eng wesentlech Verdeiwung ofgeschloss. Eng Verdeiwung, déi vu villen ëmmer als Konditioun fir eng nächst Erweiterung gestallt gouf.

Doriwwer eraus huet d'Unioun och d'Bäitrittsprozeduren optiméiert, wat 2006 zu engem „consensus renouvelé sur l'élargissement“ gefouert huet.

Wat ass do nei un där Strategie? Dat ass d'Notioun vun der Absorptionskraft vun der Unioun. Dat bedeit éischtens, dass séchergestallt ass, dass de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun assuréiert ass. Et muss garantiert sinn, dass d'EU-Institutiounen handlungsfäeg sinn a bleiwen. Zweetens geet et drëms, sécherstellen, dass d'Kandidaten à même sinn, d'Obligatiounen vun engem EU-Member ze erfëllen.

En anert wesentlecht Element vun dësem erneierte Consensus ass d'Transparenz an d'Öffentlechkeet. An do huet d'Kommissioun Wuert gehalen. Et brauch een nëmmen op de Site vun der DG Élargissement ze goen, do sinn all déi Informatiounen ganz kloer ze gesinn.

Ech hu virdru gesot, dass d'Opnahmekonditiounen vill méi streng gi sinn, notament weinst engem verstärkter Mécanisme de suivi, deen och an dësem Traité d'adhésion verankert ass. Et ass dat d'Resultat vun engem Kompromëss, deen et engersäits erlaabt huet, d'Bäitrittsverhandlungen den 30. Juni 2011 ofzeschleissen, an anersäits derfir ze suergen, dass Kroatien seng Reformbestrebungen bis zum tatsächleche Bäitritt mat darselwechter Intensitéit weiderféiert.

Den Artikel 36 vum Acte d'adhésion nennt explizit och déi Beräicher, déi besonnesch vun der Kommissioun observéiert solle ginn. Et handelt sech:

éischtens, ëm d'Engagementer vu Kroatien am Beräich vun der Justiz a vun den Droits fondamentaux. Viséiert sinn am Speziellen d'Reform vun der Justiz, d'Effikassitéit vun hirem Justizsystem, de sachlechen Traitement vu Krichsverbriechen an och d'Bekämpfung vun der Korruptioun.

En zweete Volet betrëfft de Beräich vun der Fräiheet an der Sécherheet. An do geet et ëm déi wichteg Froe vun der Gestiou an de Grenzen, d'Coopération policière, d'Bekämpfung vun der organisierter Kriminalitéit an d'Coopération judiciaire an Zivil- a Stofsachen.

En drëtten Volet betrëfft d'Konkurrenzpolitik. A besonnesch viséiert sinn hei an éischer Linn d'Restrukturéierung vum kroatesche Stolbau an och vum Schëffsbau.



Dësen Artikel 36 beschreift och, wéi dee Suivi vun der Kommissioun fonctionnéiere soll. Deemno publizéiert d'Kommissioun weiderhin hir Rapports de suivi. An deen nächsten ass iwwregens drop an drun, publizéiert ze ginn.

Wann dann d'Kommissioun Bedenken iwwer eenzel Elementer vun dem kroatesche Reformprozess huet, ka si eng Lettre d'avertissement schécken a si kann dem Conseil virschloen, all appropriéiert Mesuren ze huelen. D'Europäesch Unioun versicht hei aus vergaangenen Erfahrungen ze léieren oder beziungsweis dësen Erfahrungene Rechnung ze droen.

Déi erhéichten Ufuerderunge sinn net als Schikan fir de Pays candidat unzegesinn. Si bedeuten zwar engersäits méi Ustrengunge fir de Kandidat, mä op där anerer Säit gëtt domadder séchergestallt, dass de Kandidat och wierklech all Ufuerderungen erfëllt. An dat féiert erëm zu enger méi héijer Akzeptanz bei den aktuelle Memberstaten an och besonnesch bei hiren Awunner.

Wann d'Kommissioun an de Considérantéi vun hirem Avis zum Bättrétt vu Kroatien schreift - ech zitieren -: «...qu'elle devrait pouvoir satisfaire aux critères économiques comme à ceux de l'acquis et être prête à adhérer à la date du 1^{er} juillet 2013», da bedeit dat implizit, dass erwaart gëtt, dass Kroatien seng Reformbestriewunge bis zum Moment vum Bättrétt weiderféiere muss.

Demwient gëtt et wéi bei där viregter Erweiderung och dräi sektoriell Clauses de sauvegarde: eng Clause générale de sauvegarde économique, eng Clause de sauvegarde, déi de Marché intérieur betrëfft, an eng am Beräich vun der Justiz, der Fräiheet an der Sécherheet.

E puer Wieder zu Kroatien, wann Der erlaabt. Kroatien ass e Land vun ongeféier 4,5 Milliounen Awunner, dat gemeinsam Grenzen huet mat Slowenien, Ungarn, Serbien, Bosnien-Herzegowina a Montenegro. D'Populatioun besteet zu bal 90% aus Katholiken. Déi wäitais gréisste Minoritéit sinn d'Serben mat 4,5% vun der Gesamtpopulatioun.

Duerch d'Verfassungsrevisioun vum November 2000, nom Doud vum laangjährege President Franjo Tudjman, gouf de Rôle och vum President geschwächt. An e puer Méint méi spët gouf och déi iewescht Kummer vun hirem Parlament ofgeschaaft, soudass se grad wéi mir zu Lëtzebuerg en unicaméralé parlamentaresche System hunn.

D'Aart a Weis, wéi déi verschidde Regierungswisselen an der Vergaangenheet iwwert d'Bühn gaange sinn, mengen ech, weist, dass a Kroatien d'Demokratie fonctionnéiert. D'Land huet och en plus verschidde Phase vu Cohabitation matgemaach, wou de President eng aner Couleur politique hat wéi d'Regierung.

De Bättrétt an d'EU ass vun deene verschiddene Regierunge vum Land ëmmer ënnerstëtzt ginn an och d'Populatioun vu Kroatien war derfir: Iwwer 66% vun de Kroaten hu beim Referendum vum 22. Januar 2012 fir dëse Bättrétt gestëmmt.

De Fait, dass alleguer déi verschidde Regierungen an déiselwecht Richtung geschafft hunn, huet dann och bewierkt, dass politesch eppes konnt erreecht ginn. Dat alles kann een an dem Rapport de suivi vun der Kommissioun nolesen, deen d'Kommissioun am Oktober 2011 virgeluecht huet, an och am Abrëll 2012 den Zwëscherapparat, déi mer och ëmmer an der aussepolitichescher Kommissioun virgestallt hunn an diskutéiert hunn.

D'Kommissioun stellt an deene Rapporte fest, dass déi politesch Kritären, déi ekonomesch Kritären erfëllt ginn, seet och, dass Kroatien eng funktionsfäeg Economie huet a capabel misst sinn, dem Konkurrenzdruck an de Maarkkräften innerhalb vun der Unioun standzehalen. De Kritär vum Acquis communautaire, do schreift d'Kommissioun, dass den Degré d'alignement op den Acquis communautaire ganz héich ass, an 2012 am Abrëll schreift se souguer zu deem Alignement, dass se en „très bon alignement“ erreecht hunn.

Kuerz nach eng Kéier déi dräi Kritären: Bei deene politesche Kritären, do ënnersträicht d'Kommissioun, dass Kroatien enorm Efforté gemaach huet, fir d'Onofhängegkeet vun der Justiz an hir Effizienz ze verbesseren. Datselwecht gëllt fir d'Bekämpfung vun der Korruptioun a vun der organisierter Kriminalitéit. Nächst ass awer perfekt, an dofir huet d'Kommissioun ëmmer erëm Verbesserungsvirschléi, op déi ech awer elo net am Detail wëll agoen.

E weidert wichteg Thema an deem Land ass awer och de Retour vun de Flüchtlingen an deenen déplacéierte Persounen, an d'Kommissioun notéiert, dass iwwer 130.000 Leit, déi zur serbescher Minoritéit gehéieren, zréck a Kroatien komm sinn, an dobäi stelle sech eng ganz Rei vu Problemer, wat de Logement ubelaangt, dat ass d'Restitutioun vun de Propriétéiten. Al-

les dat kascht net nëmme Geld, mä mécht Gesetzer néideg a virun allem eng staark Administratioun, déi déi Gesetzer ëmsetze kann, an eng effikass Gerichtsbarkeit, déi bei Litigen tranchéiert.

Aner Problemer, déi d'kroatesch Regierung och ugaangen ass, betreffen den Emploi an déi sozial Rechter, dorënner och d'Unerkennung vu Rechter, déi des Leit virum Krich haten, zum Beispill hir Pensionsrechter.

D'Kommissioun huet och eng ganz Rëtsch Fortschrétt festgestallt beim Traitement vun de Minoritéiten, awer do muss Kroatien nach weider Fortschrétt maachen, besonnesch wat d'Liewensbedéngunge vun der Roma-Populatioun ugeet, besonnesch hiren Accès un d'sozial Sécherheet, d'Schoulen an un den Aarbechtsmaart. D'Kommissioun seet och, dass Kroatien «un esprit de tolérance à l'égard des minorités» encouragéiere soll, ouni dass elo genau erkläert gëtt, wat se domadder mengt.

Et ass am Parlament - am kroatesche Parlament - och virgesinn, dass aacht Sëtz reservéiert sinn, vun deenen 151 Deputéierten, fir déi Leit aus deene Minoritéiten, an déi ginn och, d'Organisatiounen gi finanziell ënnerstëtzt.

Ee vun den Haaptkritikpunkte bleift awer, dass den Emploi vun de Minoritéiten am öffentleche Secteur limitéiert ass, wat awer net esou einfach ze léisen ass, well nämlech am Moment do wéineg agestallt gëtt.

En anere Kritikpunkt, an dat war och d'Ursach, firwat dee Prozess relativ laang gedauert huet, dat war d'Kooperatioun vu Kroatien mam Tribunal pénal international pour l'ex-Yougoslavie zu La Haye. Mä am Joer 2005 huet dunn d'Procureur général Carla Del Ponte confirméiert, dass Kroatien do géif matschaffen. Kuerz drop ass dunn och dee laang gesichtenen General Gotovina a Spuenien festgeholl ginn an zu 24 Joer Prisong veruerteelt ginn. Mä dat ass deemools bei verschiddene Politiker a Kroatien op Onverständnis gestouss an huet och zu heftege Protester gefouert, well fir vill Kroate war de Gotovina kee Krichsverbiecher, mä e Krichsheld, deen d'Krajina deemools - no hinnen - duerch eng legitim militäresch Aktioun erëm vu Serbien zréckerober huet.

Alles dat weist e bëssen, firwat sech d'Kroaten an deem Beräich schwéiergedoen hunn, jo souguer och nach wäerte weiderhi sech schwéierdinn. An dat ass awer alles net op d'licht Schëller ze huelen, an dofir denken ech, dass et wichteg ass, weider ze kucken, wéi déi aktuell kroatesch Regierung mat deem Thema ëmgeet. Et geet nämlech net nëmme drëms, mam TIPY zesummenzeschaffen, mä et muss een och déi Décisiounen, déi do geholl ginn, unerkennen.

D'Kroaten hunn och immens Fortschrétt gemaach mat de Relatiounen zu den Nopeschlänner, och wann et nach heiansdo do Differenze gëtt. Dat betrëfft ënner anerem nach e puer Grenzfroe mat Slowenien, Serbien a mat Bosnien-Herzegowina, an awer och d'Fro vun den Usprech vu kroatesche Spuerer par rapport zu der Ljubljanska-Bank a Slowenien. An och dreet Slowenien elo domadder, de Bättrétt vu Kroatien net ze stëmmen. Ech mengen, op déi Fro wäert de Ben Fayot herno nach kuerz agoen.

Bemierkenswäert ass awer de Prozess vun der Reconciliation tëschent Kroatien a Serbien, dee besonnesch duerch den Engagement vum viregte serbesche President Tadić a vu sengem kroateschen Homolog Josipović no vir bruecht ginn ass.

D'Economie: Um kroatesche PIB huet d'Landwirtschaft 5% Undeel, 22% entfalen op d'Industrie an 73% op d'Servicer. Déi kroatesch Economie ass eng vun deenen dynameschsten Economien an där Regioun, och wann d'Kris an de vergaangene Joren d'Land net verschount huet. 2009 an 2010 war Kroatien an der Rezessioun, eng kleng Reprise vun der Economie gouf am leschte Joer festgestallt, virun allem duerch déi gutt Entwécklung vum Tourismus. De Chômage-Taux läit bei ongeféier 17% a betrëfft, wéi iwwerall, besonnesch déi Jonk.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Traité d'adhésion gesäit eng Rei vu Mesures transitaires vir, vun deenen eng vun deene wichtigsten d'Aarbechtsmaart concernéiert. Déi aktuell Memberstate kënnen bis zwee Joer nom Bättrétt Mesuren huelen, fir den Zougang vu kroatesche Bierger an hiren Aarbechtsmaart anzuschranken. Déi aktuell Memberstate kënnen des Mesurë weider bis zu fënnf Joer nom Bättrétt applizéieren, an e Memberstat kann d'Mesuren nach eng Kéier zwee Joer verlängeren am Fall vu schwéiere Stéierunge vu sengem Aarbechtsmaart wann de Risiko dozou besteet.

De Bättrétt huet natierlech och Konsequenzen op d'Zesummesetzung vun den europäeschen Institutiounen, an deene Kroatien natierlech dann och vertruede wäert sinn. Kroatien huet, wéi all déi aner Länner, e Kommissionsmem-

ber zegutt a krut zwielef EU-Deputéierter zougestanen. D'Zuel vun den Deputéierte vum Europäesche Parlament läit da bei 766. Si muss an der nächster Legislatur erëm redresséiert ginn, well den Traité de Lisbonne gesäit e Maximum vu 751 Deputéierte vir.

De Bättrétt vu Kroatien bedeit net automatesch de Bättrétt an d'Eurozon oder a Schengen. Och wann de Schengen-Acquis contraignant fir Kroatien ass, esou heescht dat net ëmmer, dass Kroatien direkt zum Schengen-Raum gehéiert. D'Grenze bleiwen also virleefeg zou, mä mir wësse par ailleurs, dass weder Rumänien nach Bulgarien bis haut dem Schengen-Raum bättriede konnten.

Fir e Bättrétt zum Schengen-Raum ass eng Décisioun vum Rot vun der EU néideg an e Rapport vun der Kommissioun, dee confirméiert, dass d'Engagement an deem Domän agehale ginn. Kroatien muss dann d'Grenzen zu deenen dräi Länner, déi nach net an der EU sinn, sécheren, an dat si Serbien, Bosnien-Herzegowina a Montenegro. A fir dat ze maachen, brauch et vill technesch Material, Infrastrukturen, zousätzlecht Personal, Formatiounen a Kooperatioun.

Kroatien ass amgaangen, dat alles ze maachen, entre autres och mat der Ennerstëtzung, och finanzieller Ennerstëtzung, vun der Europäescher Unioun. Eleng 2011 gouf d'Grenzpolizei ëm 308 Leit verstärkt, weider Grenzposte goufen opgebaut an och en nationalen Informationssystem fir de Grenzmanagement gouf ugeschloss.

Da kuerz zur Eurozon, och wann dat... Ech wollt zur Eurozon eppes soen, well dat eben och an der aussepolitichescher Kommissioun, wéi ech de Rapport virgestallt hunn, zur Sprooch komm ass. Fir zur Eurozon ze gehéieren, muss e Stat déi sougenannt „Konvergenzkritären“, déi och bekannt sinn als „Maastrichtkritären“, erfëllen. Et ass also kloer, dass dat an där aktueller ekonomescher Situatioun äusserst schwierig ass, well mer wëssen, dass souguer Eurolänner des Kritären am Moment net méi erfëlle géifen.

Et ass och wichteg ze ernimmen, dass de Bättrétt zum Euro am Fong eng Obligatioun vun den EU-Memberstaten ass, natierlech nëmme dann, wann den État membre d'Konditiounen och erfëllt an net, wéi Groussbritannien oder Dänemark, en Opt-out an där Matière duerchgesat huet.

Fir dëst Joer gëtt erëm e Réckgang vum kroatesche PIB erwaart. De Budgetsdefizit louch 2011 kloer iwwert der 3%-Grenz an d'Inflatioun ass 2012 och geklommen. De Bättrétt vu Kroatien zur Eurozon ass also am Moment keen Thema.

Et ass allgemeng unerkannt, dass de genee Suivi vun engem Bättrëttskandidat vu wesentlecher Bedeitung ass. An deem Zesummenhang ass och déi offiziell Visite vun enger Delegation vun der Chamber a Kroatien ufank Juni dëses Joers ze gesinn. D'Delegatioun vun deem Parlament hat während där Visite ausgiebig Geleeënheet, sech mat de politesche Responsabelen aus Kroatien ze ënnerhalen a sech e Bild iwwert d'Situatioun am Land ze maachen.

Verschidde Kritiker soen, dass de Suivi vun engem Land bis zu sengem Bättrétt keng Garantie duerstelt fir säi Behuelen an der Zukunft, no sengem Bättrétt. Et gëtt eng Partie ganz konkret Beispiller och dofir, an dofir kann een och net behapten, esou Kritike wiere komplett aus der Loft gegräff. Deemno kann e Stat sech mustergültig während dem Bättrëttsprozess verhalten an duerno, wann e Member ass, op Weeër geroden, déi mat den europäesche Wäerter an domat och mat den europäeschen Texter kollidéieren.

Wann et virun der Adhésioun d'Memberstaten an d'Kommissioun sinn, déi de Kandidat suivéieren - a mir wëssen, si kënnen och intervenéieren, wann néideg -, dann ass et no der Adhésioun d'Europäesch Kommissioun als Gardienne des traités, déi derfir suert, dass net géint d'EU-Recht verstouss gëtt. D'Kommissioun, a besonnesch och d'Madame Reding, huet an der Vergaangenheet dat öfters gemaach. Dat ass och ze begreifen, a mir vertrauen dofir der Kommissioun, wien et och ëmmer betrëfft, dass si dëse Rôle an Zukunft weiderhin am Intérêt vun der Unioun assuméiere wäert.

D'Adhésioun vu Kroatien ass also fir den 1. Juli 2013 virgesinn. D'Europäesch Kommissioun huet am Oktober 2011 e positiven Avis ofginn. Eng grouss Majoritéit vun den Deputéierte vum Europaparlament huet dem Bättrétt den 1. Dezember 2011 zougestëmmt. Beim Referendum am Januar 2012 hunn, wéi ech virdru gesot hunn, zwee Drëttel vun de kroatesche Wieler och hiren „Jo“ gesot. D'kroatesch Parlament huet eestëmmege am März zougestëmmt, an déi Ratifizierungsprozedur an de Memberstate

leeft am Moment op Volltounen: eelef europäesch Länner hunn d'Randifikatioun ofgeschloss, a véier Memberstaten ass schonn eng parlamentaresch Zoustëmmung do. Et feelen - also, wa mir elo haut hei ratifizéiert hunn -, et feelen nach zéng Länner (veuillez lire: eelef Länner).

Mat der Randifikatioun vum Traité ass de Rôle vun den nationale Parlamenten am Décisionsprozess vun dëser Erweiderung ofgeschloss. Et ass dann un der Kommissioun an um Conseil, d'Fortschrétt vu Kroatien ze apprécieieren an ze kucken, dass et all seng Obligatiounen bis zum Bättrëttsdatum erfëllt. Dat just nëmme gesot fir déi Leit, déi der Meenung sinn, dass d'Randifizierung vun den aktuelle Memberstaten dozou géif féieren, dass Kroatien géif ophale mat senger Reformeffort.

De Bättrétt an d'Unioun ass en Zil, wat vun de verschiddene Regierunge vum Land virugedriwwen gouf. Et ass d'Bättrëttsperspektiv, déi de Reformprozess a Kroatien permanent a Bewegung gehalen huet, genauso wéi dat och an deenen anere Länner aus där Regioun de Fall ass. Kroatien ass e stabil Land, et ass e Land mat enger dynamescher Economie, déi zwar am Moment e bëssen a Schwierigkeiten ass, mä wéi eng Economie ass dat an dësen Zäiten am Moment net?

Kroatien huet sech dee Bättrétt erschafft a voll a ganz verdéngt, an déi Länner, déi elo Member sinn, kënnen sech drop freeën, dass de Fridensprojet Europa u Bedeitung gewénnt. De Bättrétt vu Kroatien soll awer och dozou féieren, dass d'Memberen erëm erkennen - dass d'Memberlänner, déi aktuell Memberlänner erëm erkennen -, wéi wichteg Europa fir ons alleguerten ass. Et gëtt keng reell Alternativ zum europäesche Projet, fir kee Land hei an Europa, an dofir solle mer hëllefen, Europa weiderzibréngen, mat deemselwechten Enthusiasmus wéi d'Länner, déi wëlle bättrieden.

Duerch d'Randifikatioun vum Traité d'adhésion wäert d'Stabilitéit an der Regioun zouhuelen. Duerch d'Zoustëmmung haut sende mir natierlech och e Message un déi Länner an der Regioun, dass, wa si hir Aufgaben doheem maachen, da steet d'Unioun zu hire Wieder an hält hinnen d'Dier op.

Ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolasschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen lech Merci fir dee ganz exhaustive Rapport a ginn dann d'Wuert weider un deen éischten ageschriwwene Riedner, den honorablen Här Félix Eischen.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn also haut hei zesummekomm, fir iwwert de Bättrétt vu Kroatien an d'Europäesch Unioun ofzestëmmen. Laut EU-Regelwierk huet déi Décisioun am Virus missen à l'unanimité vun alle Memberstate vun der EU matgedroe ginn, an eng éischt Hürd hunn d'Länner vun der Europäescher Unioun deemno den 9. Dezember 2011 geholl, andeems d'Bättrëtsofkommes zesumme mat Kroatien ënnerschriwwen ginn ass.

D'kroatesch Vollek huet sech dunn uganks 2012 an engem Referendum ganz kloer zu der Europäescher Unioun bekannt. Et ass also elo um lëtzebuergesche Parlament, wéi dat scho vun zwielef aneren nationalen Instanzen virgemaach ginn ass, dësen Accord ze ratifizéieren.

Op dëser Plaz sief dann drop higewisen, dass Kroatien net eréischt zënter geschter Kandidat ass, fir der EU bäizetrieden: 2003 huet Kroatien seng offiziell Demande gestallt, zënter 2005 huet sech dëst Land engem regelméissege Monitoring vun der EU missen ënnerzéien, fir ze kucken, ob d'Kopenhagener Kritären och richtig ëmgesat ginn, an och eventuell op méiglech Réckstänn hinweisen. Eréischt duerno sinn déi eigentlech Verhandlung fir de Bättrétt ugelaft.

Enn 2011 huet den EU-Rot de Bättrëttsvertrag ofgeseent.

Wann dann alles riichtgeet, dierf sech Kroatien da vum 1. Juli 2013 un als 28. Memberstat vun der EU gesinn, also bal zéng Joer no sengem Bättrëttsgesuch. Et dierf also kee behapten, dass e Bättrétt an d'EU esou mir näischt, dir näischt décidéiert gëtt. Déi Länner, déi wëllen an d'Unioun kommen, mussen sech ellen um Rimm rappen - dat ass och net vu Muttwëll -, fir dann déi néideg Konditiounen ze erfëllen.

Sou huet Kroatien dann och mat Ausnahm vun e puer Iwwergangsregelen de sougenannten



„Acquis communautaire“ iwwerholl, dat wëllt heeschen, de ganze juristesche Korpus u Regelehen.

Wat elo d'Efforten a sengem Pouvoir judiciaire ugeet, bleift virun allem ervirzeesträichen, dass verstärkt an d'Onofhängegkeet vun der Justiz gradesou wéi an d'Bekämpfung vun der Korruptioun investéiert gouf. D'Verfassungsreform vum 28. Februar 2001 huet de parlamentaresche Charakter gestärkt an de Pouvoir présidentiel limitéiert.

Eier mer eis awer elo iwwert de Baitrëtt auschwätzen, mengen ech, ass et awer wichteg, sech d'Fro ze stellen, wat dëse Baitrëtt fir Europa bedeit, fir eist Land, mä natierlech och fir Kroatien selwer.

Fir d'Europäesch Unioun bedeit dëse Baitrëtt éischstens emol den erfollegräichen Ofschloss vun engem Prozess, dee schonn 2000 ugefaangen huet, wéi de Conseil zu Feira de Wee vun enger méiglecher Adhésioun opgemaach huet.

2001 huet Kroatien den Accord de stabilisation mat der Unioun ënnerschrivwen, en Accord, deem 2003 dann och vu Lëtzebuerg ratifizéiert ginn ass, an den 21. Februar 2003 huet Kroatien seng offiziell Kandidatur gestallt. Et ass dëst d'Fortsetzung vun der europäescher Erweiterungsolitik, déi och vun eiser Regierung matgedroe gëtt. Wann ee sech d'Kaart vun Europa virun Aen hält, esou schéngt et och logesch, dass dëst den Ufank ass vu weideren Elargissementer op déi restlech Balkanlänner, wouvun der dräi jo schonn de Statut hu vun engem Baitrëtskandidat.

Wa Kroatien elo den 1. Juli 2013 der EU baitrëtt, heescht dat, dass sech d'Fläch vun der Unioun ëm 56.500 km² vergréissert, an anere Wieder, 21-mol d'Gesamtfläch vum Grand-Duché. Dat heescht awer och, dass dann iwwer véier Milliounen Leit zu sougenannten „Citoyens européens“ ginn.

Op kulturellem Plang dierf ee soen, dass Kroatien elo schonn eng Beräicherung fir d'EU duerstellt. Et sief an deem Kontext bemierkt, dass dëst Land am Laf vu senger Geschicht villen Influenzen ausgesat war, ënner anerem venezianeschen, austro-ungareschen, wat am Endeffekt de Räichtum vu senger Architektur a senger Konscht ausmécht.

Nieft dësen dach éischter positiven Aspekter stellt Kroatien awer och eng Erausforderung fir d'Europäesch Unioun duer. De Baitrëtt vu Kroatien bedeit am Endeffekt awer eng Rei institutionell Upassungen, notament och, wat d'Setzverdeelung am Parlament an am Conseil ugeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir Lëtzebuerg wäert et mam Baitrëtt vu Kroatien zu enger Verdéiwung vun de bilaterale Bezéiunge kommen. Zënter 2010, dat Joer, wou och eise Grand-Duc eng offiziell Visite a Kroatien gemaach huet, hate mir regelméisseg Entrevü mat politesche Responsabelen - mä Virriedner ass virdrun drop agangenen -, an dat op verschiddenen Niveaue, fir och déi perséinlech relationnel Voleten ze stäerken.

Ekonomesch gesinn ass Kroatien nämlech fir Lëtzebuerg den zweeten Handelspartner um westleche Balkan, hanner Slowenien. Zuelentechnesch ass nach Loft no uewen, dat bedeit: Exportatiounen vu bal fënnf Milliounen Euro an de leschte Joren. D'Importatiounen vun do ginn an d'Luucht, mä wéi gesot, do ass nach e bësse Wachs.

Op europäeschem Niveau wäert Kroatien an Zukunft am Europäesche Parlament zwielf Stëmmen zur Verfügung hunn, am Conseil sinn et der siwen, am Comité économique et social néng an am Comité des régions och nach eng Kéier néng.

Wat bedeit dës Adhésioun weider? Ech ka mer virstellen, dass et och eng Rei Leit dobausse gëtt, déi dann awer vläicht e bësse méi e komesch Gefill hunn, wa se héieren, dass erëm e weidert Land an d'EU erakënn.

Op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart wäert dat herno weider keng grouss Répercussiounen hunn - mä Virriedner ass schonn drop agangenen -, all Memberland huet nämlech d'Méiglechkeet, nom Baitrëtt ze decidéieren, ob et am Beräich vun der Bewegungsfräiheet vu Persounen aus deem neie Memberland Limitatiounen aféiert oder och net. Dëst kann op nationalem Plang oder op bilateralem Plang gescheien. Dës Limitatiounen kënnen, esou wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, bis fënnf Joer daueren. Et sinn dës Moosnamen, déi dem neie Member et sollen erlaben, eng Pro-Europa-Mentalitéit ze festegen an et net zu engem Exodus kommen ze loosenen.

Mir sollten awer virun allem net vergiessen, dass dëse Baitrëtt fir Kroatien een enorme Schrëtt no vir ass. Viru gutt 20 Joer huet Kroatien nach der jugoslawescher Federatioun ugehéiert. No der Onofhängegkeetsklärung de 25. Juni 1991 louchen d'Unhänger vun der kroatescher Republik bis Enn '95 mat der jugoslawescher Volleksarmei an de serbesche Kroaten am Krich, an dëst obschonns d'Onofhängegkeet de 15. Januar 1992 vun der Europäescher Communautéit unerkannt gouf.

Den éischten Accord vun Dayton '95 huet deem Krich definitiv en Enn gemaach. De Bilan vun dëser gewaltsamer Auseensetzung waren Dausenden Doudeger - ech mengen, déi schrecklech Biller vun deemools hunn déi meescht vun eis nach am Kapp.

Dofir ass Europa fir Kroatien eng Chance. Gradesou wéi Europa och eng Chance war, ass a bleift fir all déi aner Länner aus der Unioun, déi sech nach am leschte Jorhonnert zerkricht hunn. Et gëtt jo net weineg Stëmmen dobaussen, déi soen: Wa mir bei der aktueller ugespaantener wirtschaftlecher Stëmmung, mat all hire Konsequenzen, Europa net hätten, da géif et ganz gelungen erëm an eise Breedegraden ausgesinn.

An dass Kroatien gewëllt ass, mat Europa virunzegen, schéngt de Referendum vum Januar 2012 bewisen ze hunn, wou d'Kroate sech mat enger Zweedréttelmajoritéit fir Europa ausgeschwat hunn. Mir sollten hinnen déi Chance och net huelen, an nodeems jo schonn zwielf Memberstaten de Baitrëtsaccord ratifizéiert hunn, sollte mir eis deem och net an de Wee stellen.

Domadder ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun, wëll awer och dem Rapporteur Marc Angel fir säin exzellente Rapport e grouss Bravo ausschwätzen.

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Eischen Merci a ginn d'Wuert weider un d'Madame Polfer.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, ech schléisse mech fir d'Alleréischts deem Merci un de Rapporteur un, deem op eng ganz exhaustiv Aart a Weis eis dee ganzen Historique gemaach huet an och d'Land ons virgestallt huet.

Et ass effektiv esou, dass säit dem Ufank vum europäeschen Integratiounsprozess sech d'Fro vun der Relatioun mam Oste vun Europa gestallt huet. An déi Kooperatioun ass aus der Noutwendegkeet entstan, Friden a Stabilitéit an déi Länner ze bréngen, déi jo nom Fall vun der Mauer zu enger Konfliktzon goufen. A mir hunn all déi schrecklech Biller nach am Kapp, obschonnet haut schéngt, wéi wann dat net méi..., wéi wann dat scho ganz, ganz wäit ewech wier, mä et ass nach guer net esou laang ewech.

An déi Approche also, déi eng Approche à long terme an eng Perspective à long terme waren, féieren haut zu der Adhésioun vu Kroatien. No Slowenien am Joer 2004, gëtt also Kroatien dat zweet Land aus Exjugoslawien, dat Member vun der Europäescher Unioun gëtt.

D'Virbereedungen op d'Adhésioun ware fir Kroatien eng ganz grouss Erausforderung. Nëmme fir se ze nennen: Kopenhagener Kriterien, de Rechtsstat, eng stabil Wirtschaft an d'Emsetze vun engem Acquis communautaire. Dat ass alles net iwwer Nuecht geschitt, wann ee bedenkt, dass dat méi wéi 85.000 Säite Reglementer sinn, Direktiven, Décisionen an aner europäesch Legislatiounen, déi eben an de kroatesche System hu missen ëmgesat ginn.

An och - an dat war net dat mannste Schwéiert - mat hirer Geschicht hu si sech selwer missen ausenansetzen, wat, wéi gesot, net ëmmer einfach war.

Mä op der Lëscht vun de Fuerderunge stoung och nach eng komplett Kooperatioun vun de kroateschen Autoritéite mat dem Tribunal pénal international pour l'ex-Yougoslavie vu La Haye, wat Zäit gebraucht huet, mä wat awer finalement geschitt ass.

Et koumen awer, an et ass scho gesot ginn, weiderhin Erausforderungen op Kroatien zou. An deene Beräicher, wou nach Verbesserungen erwaart ginn, steet Kroatien nach ëmmer ënner strenger Observatioun. Esou ass drop bestan ginn, dass verschidden Domänen nach an Zukunft e ganz besonnesche Monitoring zougeschriwwen kréien. A puncto Reform vun der Justiz, Kampf géint Korruptioun an dem Crime organisé ginn d'Upassungen nach ëmmer vu ganz no betruucht.

Sécherlech huet Kroatien nach Hausaufgaben ze maachen, mä wa mer ganz éierlech sinn, da wësse mer, dass déi do Erausforderungen net nëmme bei Kroatien leien, mä och nach bei enger ganzer Rei anere Länner, déi scho Mem-

ber vun der Europäescher Unioun sinn, soudatt dat do ons also net dierft drun hënnere, fir dem Baitrëtt zouzestëmmen.

D'Décisionen nämlech, fir Kroatien zum Memberstat ze maachen, ass net liichtfankeg geholl ginn. A Lëtzebuerg huet vun Ufank un d'Erweiterung vun der Europäescher Unioun no Osten ënnerstëtzt. Bei Kooperatiounsprojeten hu mir zum Beispill eise Savoir-faire an europäeschen Dossierer u Kroatien weidervermëttelt. Esou goufen zum Beispill zu Lëtzebuerg Seminairen a Formatiounen zum europäesche Recht fir déi kroatesch Justizinstitutionen an d'Administration publique ofgehalen.

Kroatien ass och zënter Laangem ee ganz wichtigen Handelspartner an der Regioun. No Slowenien ass et deen éischten, a Slowenien ass jo scho Member vun der Europäescher Unioun. 2011 gouf och e Lëtzebuerger Ambassadeur, zwar mat Residenz hei zu Lëtzebuerg, a Kroatien akkreditéiert. Dëst sinn alles Trëmp, déi mir an der Hand halen, an der Hand hunn an déi mer och am géigesäitegen Intérêt vu Lëtzebuerg a Kroatien sollen ausspillen.

Mir müssen eng Osterweiterung als Chance gesi fir eist Land, als eng Chance fir eis Wirtschaft. Zum Beispill am Beräich vum Tourismus wäerten an de kommende Jore vill Investisementer gemaach ginn.

Kroatien verfügt - fir déi, déi d'Chance haten, schonn do ze sinn - iwwer eng wonnerschëin Natur, awer, an dat ass gradesou sécher, d'Infrastrukture sinn awer net op deem Stand, wéi mir se haut wëllen an och froen.

Lëtzebuerg huet en Know-how an dësem Beräich an et kéint interessant sinn, hei iwwer eng méigleche Kooperatioun nozedenken. An och op der kroatescher Finanzplaz ka Lëtzebuerg eng Plaz fannen.

Dëst alles si wirtschaftlech Opportunitéiten, bei deene Lëtzebuerg ganz genau sollt kucken, awéieren si fir eist Land vun Intérêt kënnen sinn. Well mir wäerten net als eenzegt Land hei Opportunitéiten wëllen ergräifen, an dofir mussen mir op der Basis opbauen, déi mer bis elo an zënter ville Jore mat Kroatien erschafft hunn. An et ass an deem Sënn, an deem Sënn vun dem béidsäitegen Intérêt vu Kroatien a vu Lëtzebuerg, wou mir als Demokratesch Partei eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Madame Polfer. Den nächsten agedroene Riedner ass den Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, ech wollt fir d'Éischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellenten a präzise Bericht, dee komplett war an deem also net vill méi bäizefügen ass.

Ech wollt just soen, d'Erweiterung vu Kroatien, d'Erweiterung vun der Union européenne zu Kroatien - den Accord huet de Rapporteur fir ons Fraktioun ginn - ass en Element dovunner verlaangt eng Reflexioun. An déi Reflexioun ass jo och gemaach ginn 2004, wéi mer acht Länner beieneen ugeholl hunn. Dunn ass gesot ginn, dass et net op Mérite propre vun de Länner gaangen ass, mä dass dat eng politesch Erweiterung ginn ass, an dass mer och ni méi esou eng politesch Erweiterung solle maachen.

Duerfir begrëssen ech selbstverständlech, dass déi Erweiterung mat Kroatien esou intensiv a gutt preparéiert ass ginn. Et ass natierlech kloer, dass déi Länner, deen Abléck, wa se an d'Europäesch Unioun erantrieden, net all Reforme gemaach hunn, dass se net alleguerten op deem Stand si wéi déi fréier oder déi al europäesch Länner, dass se also no dem 30. Juni och nach hir Reforme mussen weiderféieren. Et dierf net sinn, wéi zum Beispill a Rumänien oder a Bulgarien, besonnesch wat d'Justiz an alleguerten déi Saachen ugeet, dass et do am Fong geholl Réckschléi gëtt an dass et net virugeet, dass déi Trajectoire net fortschrëttlech ass.

Duerfir hoffen ech, dass Kroatien dee Message och versteet, dass se müssen hir Reforme weiderféieren an irreversibel maachen.

An ech wëilt hei trotzdem an deem Zesammenhang mä Bedauern ausdrécken, dass mer och bei deenen Erweiterungen ëmmer nach Konflikter behalen, an ee Konflikt zwëschent Slowenien a Kroatien gëtt et op eenzelne Punkten.

Ech hunn net méi spéit wéi de Moie gelies, dass nach ëmmer dee Konflikt ëm déi Ljubljanska Bank zwëschent Kroatien a Slowenien net geléist ass, an dass d'slowenescht Parlament eestëmmeg erkläert huet, dass se net wëllen den Traité ratifizéieren, soulaang wéi Kroatien net dee Konflikt geléist huet.

Op där anerer Säit ass Kroatien och net an der Rei, well et d'Libre circulation des capitaux net

respektéiert, well et net respektéiert, dass Banken a Slowenien a Kroatien kënnen investéieren.

Et ass also ee Konflikt, dee bleift, an et ass net gutt bei enger Négociatioun, wann een esou Konflikter ausklammert. Duerfir géif ech wierklech hei och en Appell maachen un déi zwee Länner an och un d'Kommissioun an och un de Ministerrot, dass dat an zukünftigen Négociatiounen net méi virkënn, dass also déi Konflikter aus dem Wee geraumt ginn, ier mer déi Adhésiounen hei stëmmen.

Ënnert deem Benefiss vun deene Remarqué géif ech selbstverständlech soen, dass mer frou sinn, dass en neit Land an d'Europäesch Unioun kënnt, wat wierklech och Atouten huet fir Europa an och doduerch d'Stabilitéit an de Friden an där Géigend nach verbessert.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci och dem Här Fayot. Et bleiwen dann nach zwee ageschriwwen Riedner, déi virgesi sinn. Deen éischten dovunner ass den Här Braz. Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Merci, Här President. Aganks direkt dem Rapporteur e grouss Merci, dee jo net fir d'Éischt Rapporten hei an der Chamber presentéiert, déi mat där do Géigend vun eise Kontinent ze dinn hunn. En entwéckelt sech mat Sécherheet zu engem Spezialist an där Matière, an dee Rapport haut hunn ech apart gutt fonnt. Dofir meng Félicitatiounen.

Félicitatiounen awer och un d'kroatesch Vollek vu Lëtzebuerger Säit aus, well se haut vun eis den Accord kréien, fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn op den 1. Juli 2013.

Merci a Félicitatiounen awer och fir déi Fortschrëtter, déi se an deene leschten zéng Joer realiséiert hunn, an notament an de leschte sechs Joer, wou d'Verhandlungen amgaange waren. Dat ass bemierkenswäert. Et si ganz bemierkenswäert Fortschrëtter gemaach ginn, notament wat d'Reconciliatioun mat Serbien betrëfft, hir generell gutt Relatiounen mat den Noperen, och wann et Ofstrécher nach gëtt, och hir Kollaboratioun mam Tribunal pénal international fir Exjugoslawien. Och dat war net evident nach virun e puer Joer. Dat ass e grouss Schrëtt, deen do och an der Innenpolitik gemaach ginn ass. Och wann deen net honnertprozenteg permanent an eng Richtung geet, mä en ass gemaach ginn.

Virun aacht Joer, wou gläich zéng Länner op den 1. Mee Member gi sinn an der Unioun, gouf et ganz vill Diskussiounen weinst där Erweiterung, och an deene Joren duerno, och op den 1. Januar 2007, wou Rumänien a Bulgarien bäigetruede sinn. Et stellt ee fest, dass d'Adhésioun vu Kroatien mat ganz weineg Diskussiounen, et géif ee bal soe mat ganz weineg Intérêt iwwert d'Bühn geet. Dat ass schued, well et ass eng Erweiterung an déi ass net ouni Bedeutung, well se weist, dass déi vill Efforten, déi vu Länner kënnen gemaach ginn, och derzou kënnen féieren, dass et zu enger Adhésioun kënnt.

Et ënnersträicht och nach eng Kéier d'Vocatioun vun der Europäescher Unioun, fir weider um europäesche Kontinent integrativ ze wirken, wat eng permanent Erausforderung vun der Europäescher Unioun ass.

Et ass och glécklecherweis eng bestänneg Positioun vun der Lëtzebuerger Aussepolitik, d'Erweiterung Richtung Oste virunzedeiwen an d'Europäesch Unioun als eng Konstruktioun ze gesinn, déi och haut nach integrativ Kraaft huet an déi net un hir Limité gestouss ass. A si kann integrativ bleiwen, soulaang wéi se wëllt eng Unioun vun de Wäerter sinn, eng Wäerteunion och fir déi Länner, mat deenen d'Europäesch Unioun elo an dese Momenter weiderhin an der Diskussioun ass. Diskussiounen, déi - wéi déi Däitsch soen - „ergebnisoffen“ sinn, mä déi awer mussen mat konkreten Diskussionspunkte gefouert ginn a wou een net ka virewechuelen, wéi déi Diskussiounen müssen ausgoen - weder am Positiven, awer och ganz sécher net am Negativen.

Déi Diskussiounen maache Sënn, si brénge Fortschrëtter. Kroatien huet ganz vill Fortschrëtter gemaach. Am Beräich vun der Onofhängegkeet vun der Justiz, vun de Moyaenen, déi d'Justiz huet, bleiwe Fortschrëtter ze maachen. Kroatien ass net um Enn vun deem Prozess. Et bleiwen och nach seriö Fortschrëtter ze maachen an der Lutte géint d'Korruptioun, méi nach éischter um lokalen Niveau wéi um nationalen Niveau. Dat ass méi komplizéiert och mat Sécherheet, mä Kroatien muss sech där Erausforderung stellen. Sou wéi et haut ass, ass et net annehmbar.

Et sinn och nach Fortschrëtter ze maache bei de Rechter vun de Minoritéiten, de Rechter zum Beispill vun der serbescher Minoritéit a Kroatien, awer och vun den LGTB-Leit. Och do gëtt et a Kroatien haut nach ëmmer seriö



Schwieregkeeten, déi aus dem Wee mussen gemaach sinn. Déi Efforté mussen op jidde Fall weidergoen, déi si mam Baitrëtt, mat der Adhésioun net um Enn.

De Ben Fayot huet de Konflikt mat Slowenien erwähnt an huet seng Hoffnung ausgedréckt, dass an Zukunft déi Baitrëttverhandlungen eréischt als ofgeschloss sollen ugesi ginn, wann déi Konflikter, déi tëschent zwee Länner bestinn, aus der Welt gemaach sinn. Deem stëmmen ech och spontan gären zou.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Allerdéngs muss een oppassen: Och dat huet eng Limite. Et kann net esou sinn, dass dann dat Land, wat schonn an der Unioun ass, de fait e Vetorecht huet an deenen Diskussiounen a permanent refuséiert, eng Léisung erbäizeféieren, well si an der Unioun sinn an déi aner do-duerch ni géifen erakommen. Et muss och iergendwou en Drock op deene Länner bleiwen, déi an esou engem Konflikt sinn, déi schonn an der Unioun sinn. A wa mer dat esou géifen aus der Welt schaffen, dann, ech, hätt een eng relativ liicht Verhandlungsposition, fir kengem Kompromiss zoustëmmen, och wann ech der Tendenz natierlech grondsätzlech awer zoustëmmen.

Déi Efforté mussen, wéi gesot, weidergoen. Och de Monitoring vun deenen Efforté muss gemaach ginn, a Kroatien selwer, duerch d'Parlament, wat eng wichteg Roll ze spille kritt, natierlech och d'Europaparlament, d'Kommissioun. Et ass eng wesentlech Fro, wéi een no der Adhésioun de Monitoring vun der weidere Fortschreitter mécht. Déi Fro, déi muss een definitiv am A behalen.

Ofschlësse wëilt ech mat engem Saz op Kroatesch. Dat wär dann eng Première an dëser Chamber.

► **Une voix.** - Oh!

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Wëllkomm, Kroatien! Dobrodošo, Hrvatska!

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Dann hu mer als nächste Riedner den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi scho meng Virriedner fänken ech ganz gären dermat un, fir dem Kollege Marc Angel Merci ze soe fir e ganz komplette schréfflechen a mündleche Rapport.

D'ADR hat schonn an hirem Europawahlprogramm vun 2009 betount, dass si skeptesch ass, wat weider Erweiderunge vun der Europäescher Unioun ugeet. Haut hu mir nach ëmmer déi grouss Osterweiderung vun Ufank vun 2000 net verkraaft, a virun allem och net de spéidere Baitrëtt nach vu Rumänien a Bulgarien. Déi hunn nach ëmmer vill Potenzial, fir eis Kapperbrieches ze maachen, notament och an allem, wat d'Justiz an déi organiséiert Kriminalitéit ugeet.

Och d'Unioun selwer ass, fir et daitlech ze soen, an engem ganz schlechten Zoustand am Abléck: d'Eurokris, d'Verhandlungen ëm en neie Budget, d'sozial Spannungen a ville Memberstaaten, déi och mat der Eurokris an der Scholdekris zesummenhängen, e gewëssenen institutionellen Duerjerneen, wou kaum méi ee versteet, wat am Ablack an der Europäescher Unioun lass ass a wéi eng legal Dispositiounen nach gëllen.

Alles dat mécht et am Abléck schwierig, fir einfach esou kënnen ze soen, dass d'Europäesch Unioun prett ass, fir e weidert Land opzehuelen, a virun allem och nach e Land, wat ekonomesch net ganz staark ass.

Ech verweisen dodrop, dass mer jo zënter 2006 och soen, dass e Kritär fir d'Adhésioun muss d'Absorptionscapacitéit vun der Europäescher Unioun sinn. Net nëmmen déi State sollen hir Kritären erfëllen, wa se bättrieden, mä och d'Unioun muss capabel sinn, fir déi Staten opzehuelen. An an deem Zoustand, wou d'Unioun am Abléck ass, kann ee sech jo awer wierklech froen: Ass dat richtig?

Ech gi gären de Kollege recht, déi gesot hunn, mä et ass scho wichteg, dass mer do no Oste kucken, dass mer deene Länner hëllefen an esou weider, mä d'Unioun selwer muss och funktionsfäeg bleiwen.

Ass dat de Fall? Ech weess et net!

An et ass nach méi komplizéiert, wann een elo dorun denkt, dass jo d'Verhandlungen mat der Tierkei, op déi hei schonn ugespillt ginn ass, och weidergefouert ginn, mat engem Stat, wou et no neiste Rapporten keng Fortschreitter an der Mënscherechter gëtt, dat en Deel vun engem Land militäresch besetzt, dat elo just d'Präsidenschaft an der Unioun ausübt. A fir dann nach weider Adhésiounsverhandlungen do ze féieren, dass dréit nach derzou bäi, zu deem Bild, dass den Adhésiounsprozess bal zu engem

Selbstläufer ginn ass, deen eigentlech net méi a Rapport steet mam reellen Zoustand an der reelle Capacitéit vun der Unioun.

D'ADR hat awer am Wahlkampf scho gesot, dass si mam Baitrëtt vu Kroatien kéint d'accord sinn, wann am Virfeld déi oppe Grenz - mir haten eis speziell op déi beruff - mat Slowenien gekläert gi wär. Et gëtt natierlech och aner Konflikter. Den Här Fayot huet der e puer an Erënnerung geruff op finanziellem Niveau an op anerem.

Mä mir mussen awer dovun ausgoen elo, wat eis ugeet, dass dee Fakt, dass Slowenien den Adhésiounsvertrag mat Kroatien ënnerschriwen huet - och wann en nach net ratifizéiert ass -, eis awer muss dervun ausgoen als auslännesche Partner, dass mer gudder Glawen kënnen unhuelen, dass domadder d'Autoritéit vu Ljubljana am Prinzip weinstens de Konflikt als geléist ugesinn. An doduerch kënnen mir dann och als ADR hei eisen Accord zu deem Traité ginn.

Mä de Vertrag selwer, dee kënnt eiser Meinung no ze fréi an d'Chamber. Mir hätten dat och nach kënnen am Fréjoer d'nächst Joer maachen. Aus engem ganz einfache Grund - den Här Angel hat dat och ernimmt -, nämlech dass mer elo am Hierscht nach e weidere Rapport vun der Europäescher Kommissioun iwwer Kroatien kréien. Mir hätten eis gewënscht, dass mer dee Rapport och kéinte mat berücksichtigen, well jo eng ganz Rei vun deene Froen vum Virbereedungsgrad vu Kroatien eréischt mat der Lecture vun deem Rapport hätte kënnen wierklech hei éclairéiert ginn. Also, déi Diskussioun hei kënnt an eisen Ae leider e bësschen ze fréi.

Mir kréien en neie Member - also Kroatien - an d'Unioun, mä et ass kee vun deene ganz begeschterte Memberen. Den Här Angel hat zwar a sengem Rapport gesot, et wär en „consensus national partagé par les principaux partis politiques du pays“. Mä, wann et se net all sinn, ass et kee Konsensus, dann ass et eng Majoritéit.

An och wat de Referendum ugeet, do huet den Här Angel geschriwwen: «Les électeurs croates ont souligné de partager l'enthousiasme européen affiché par la classe politique». Do kënnen mir nëmme feststellen, dass eis Lëtzebuerger Sozialiste sech vläicht elo mat ganz weineg mussen zefridde ginn, well d'Wahlbedeelegung war 43,5% - also net d'Halschent - a vun deene ware 66% derfir. Wann een dat da matenee multiplizéiert, da kënnt een op 28,8% oder esou, déi een dokumentéiert Jo zu der Europäescher Unioun ginn hunn. Dat ass an eisen Äen elo net esou terribel vill, dass mer vun engem groussen nationalen Enthusiasmus géife schwätzen. Mä, wéi gesot, Är Kritäre si schonn e bësse méi modeste ginn.

Mä ëmmerhi muss mer soen, dass déi kroatesch Regierung e Courage gewisen huet, deen eis Regierung net méi esou huet. An Dir, Här Minister Asselborn, hutt jo an der Lescht méi dacks gesot, dass Der net esou ee grouss Frënd vu Referendume sidd. Eiser Meinung no ass et richtig, wann eng Regierung d'Vollek ëm seng Meinung freet. Et ass an enger Debätt, déi mer hei virun hate vum Souverän geschwat ginn, deen d'Lëtzebuerger Vollek nun eemol hei am Land ass.

Mir als ADR zécken net, fir a wichtige Froen ze soen, de Souverän soll decidéieren. A mir kënnen nëmme feststellen, Här Minister, dass Dir do anscheinend dem Lëtzebuerger Vollek net zoutraut - wann ech Är Interviewe liesen, wou Der sot, et kann een d'Froen net esou reduzéieren an esou weider -, mä ech mengen, Dir traue dem Lëtzebuerger Vollek net zou, sech iwwer e Referendum kënnen an Ären Ae richtig ausgedrécken. Dat ass eppes, wat eis ënnerscheet. Mir vertrauen eisem Souverän, Dir anscheinend manner.

An nach eng Saach, wou d'Kroate méi Chance hu wéi mir Lëtzebuerger: Kroatesch gëtt elo Amtssprooch an der Europäescher Unioun. Mir stelle fest, dass no 55 Joer Membership an der Unioun d'Lëtzebuerger nëmme kënnen dovun dreemen, dass Lëtzebuergesch als Sprooch an der Europäescher Unioun géif opgewäert ginn, obwuel mer 2005 Dispositiounen geholl hunn, déi eis géifen erlaben, weinstens eng Opwäertung vun der Sprooch virzehuelen, wann och net Amtssprooch. Mä och dat huet d'Lëtzebuerger Regierung bis elo net gemaach. E Grund fir eis, fir eis kroatesch Frënn ze beneiden.

Här President, mir liesen an deem Rapport vum Här Angel, dass Kroatien Problemer mat sengem Justizsystem huet, mat der Korruptioun. Et ass net dat eenzeg Land, wat dat huet. Mä op jidde Fall, den Här Angel huet och rappeliert, dass et dowéinst e bësse méi e strenge Begleedungsprozess krut wéi aner Länner. Mir hu probéiert, aus de Feeler vu Rumänien, déi mer mat Rumänien a mat Bulgarien gemaach hunn, ze léieren, wat jo och gutt ass. Mä et dierf ee

sech awer keng Illusiounen maachen. De kroatesche Justizsystem ass nach wäit dovun ewech, an deenen nächste Joren un déi Kritären erunkommen, déi hei zum Beispill an der Justiz, Gott sei Dank, gëllen.

Mä déi Diskussioun, déi gesi mir ëmmer an engem Kontext och vun enger anerer Dispositioun, déi hei gesetzlech verankert ginn ass, dass ass d'Unerkennung vun auslännesche Gerichte-uerteeler ouni Exequatur. Mir kënnen nëmme warnen. Mir soen, en auslännescht Uerteel, wat hei unerkannt an ausgeféiert gëtt, dass muss einfach de qualitative Kritäre vun engem Lëtzebuerger Uerteel entsprechen, soss gëtt d'Europäesch Unioun zu engem Rechtsrisiko fir d'Lëtzebuerger, et kënnt zu justiziellen Onsécherheeten!

A mir mussen awer Uecht ginn hei als Parlamentarier, dass mer d'Rechtssécherheet an eng rechtlech Qualitéit hei am Land oprechterhalen. Et kënnt also fir eis och net a Fro, dass, vu dass den Zoustand vun der kroatescher Justiz deen ass, deen en eben ass, mer elo an nächster Zukunft géifen un eng Unerkennung vun Uerteeler aus deem Land hei denken, ouni eng Präifungsméiglechkeet virzugesinn.

Här President, mir hunn och hei héieren, dass déi aktuell Memberstate kënnen Dispositiounen huelen am Beräich vun der Bewegungsfreiheet, fir am Beräich vum Aarbechtsmarché - den Här Minister Schmit ass haut net hei bei eis -, mä ech mengen, et geet net duer, dass ze constatéieren, mä et muss een d'Lëtzebuerger Regierung froen, wéi si dann elo, compte tenu vun der Situatioun vum Chômage, dee mer hei am Land hunn an dee mer jo all bedauern, mä wéi wëllt d'Lëtzebuerger Regierung dann elo mat deenen Dispositions transitaires ëmgoen, déi hei den Accès op den Aarbechtsmaart mat regléieren?

Ech mengen, mir hu jo als Chamber net nëmmen d'Recht, ze constatéieren, dass esou eng Dispositioun méiglech ass, mä et ass un der Regierung, fir eis ze soen, wéi si mat deenen Iwwergangsperioden, op déi mer e Recht hunn, wëllt ëmgoen.

Idem mat de Baussegrenzen. Natierlech, Kroatien ass net direkt am Espace Schengen, mä den Acquis muss respektéiert ginn. A mir hätte gär, dass déi Baussegrenze vu Kroatien effikass kontrolléiert ginn. Ech wëll just an Erënnerung ruffen, dass d'ADR sech och répétitiv derfir ausgeschat hat, dass mer eng Visumsflicht aféiere fir déi Länner, déi am Balkan sinn, aus deene Grënn, déi Der kennt, déi ech hei net brauch extra ze widerhuelen, mä déi am Zesammenhang mat der Asylproblematik hei am Land stinn, déi et einfach gëtt.

Mir stellen derfir d'Fro un den Här Minister: Wéi stellt Dir lech zu deem Problem an denkt Dir net och, dass d'Introductioun vun enger Visumsflicht dee richtige Wee ass, fir där Problematik Meeschter ze ginn?

Dann den Euro. Do maache mer eis net vill Illusiounen. Ech mengen, d'Kroatien als Balkanstat, déi gesi ganz gutt, well se och déi geographesch Proximitéit zu eise griichesche Frënn hunn, wat do fir e sozialt Leiden an deem abléckleche Prozess vu Reformen a Spueren an esou weider a Griichenland existéiert. Mir gesinn och, dass d'Schweden an och virun allem déi baltesch Länner an anerem, déi den Euro am Prinzip missten aféieren, do Retizenzen hunn, Hésitatiounen. An d'Kroatien hunn déi ganz sécher och, esou dass mer eis do am Abléck... och wa se géifen d'Kritären erfëllen, net direkt wëllt bättrieden.

Déi bilateral Bezéiungen huet d'Madame Polfer ganz gutt beschriwwen. Mir sollte wierklech probéieren, déi ze intensivéieren, esou wäit wéi et eiser Economie ebe kann hëllefen. Ech mengen, Kroatien ass fir eis e potenziell interessanten Handelspartner a mir sollten do wierklech probéieren, dass ze optiméieren.

De Kroate wënsche mir, op Lëtzebuergesch - Kroatesch kann ech leider net esou gutt wéi de Kollege Braz -, op jidde Fall alles Guts fir d'Zukunft an der Europäescher Unioun. Mir hoffen, dass mer mat de Kroate kënnen un engem Europa vun den Natiounen bauen, wou Europa d'Souveränitéit an d'Onofhängegkeet vun den einzelnen Memberstate voll respektéiert. De Federalstat wëlle mir net.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. D'Wuert kritt elo den Här Ausseminister Jean Asselborn.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères.*- Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech mengen, ech hunn d'Signaler verstanen, dass ech soll viru maachen. Ech maachen dat och.

Ech wollt vläicht fir d'Alleréischte soen, dass, wann ee vum Balkan schwätzt a vu Länner, déi aus dem Balkan elo an d'Europäesch Unioun erakommen, wéi mer dat haut maachen, da

sinn ech iwwerzeegt, mat Kroatien, da muss een ëmmer erëm op de Juni 2003 zrëckgoen, Thessaloniki, wou all Land vum Balkan, vum Westbalkan, eng Perspektiv kritt huet, fir an d'Europäesch Unioun eranzekommen, esou wäit si dat natierlech wëllen.

Ech wëll och bei Kroatien, well dat mech jo och e weineg perséinlech betrëfft... Am Ufank, wou ech d'Chance hat, Ausseminister ze sinn, war ech President vun der Task Force, déi eigentlech do verhandelt huet an der Europäescher Unioun mat der Madame Del Ponte iwwer dee berühmte Fall vum Ante Gotovina. An dat huet gedauert a geschleeft, bis op eemol d'Signal komm ass, dass war den 3. Oktober 2005: Okay, d'Zesummenaarbecht mat ICTY - wéi mer dat genannt hunn, dass ass deen Tribunal fir Jugoslawien - ass elo de Moment ginn. A mir hunn deen nämlechten Dag, den 3. Oktober 2005, da Verhandlungen opgehoen mat Kroatien.

De Problem, dee sech dann direkt gestallt huet, waren d'Schwieregkeeten, wat d'Grenz ugeet mat Slowenien. Dir wësst, déi Grenz, déi duerch d'Mier geet. A bis 2009 hunn déi Divergenzen tëschent Slowenien a Kroatien dann eigentlech viles gebremst a viles blockéiert. Eréischt, Dir wësst dat, am Juni d'lescht Joer 2011 si mer fäerdeg gi mat de Verhandlungen, an d'Kommissioun huet dann dunn och eng Linn ageschlossen, déi ech richtig fannen, dass virun allem bei Kroatien elo fir d'Éischt drop gepocht ginn ass, d'Konkurrenzrecht, de Kampf géint d'Korruptioun, d'Justiz, d'Intérimsdossieren, d'Grondrechter, d'Grondfreiheeten, dass all dat spezifesch kontrolléiert ginn ass.

Den Här Angel huet a sengem exzellente Rapport dat jo och ugedeit, grad wéi och verschidde Kollegeinnen a Kollegen, déi hei geschwat hunn, dass mer eng éischte Kéier bei esou Verhandlungen, spezifesch wat den Artikel oder d'Kapitel 23 ugeet, dass do, nodeem paraphéiert ginn ass, no der Paraphie, déi ausgestallt ginn ass, an och an der Prozedur vun der Ratifikatioun, virun allem och muss gekuckt ginn, wéi d'Lutte géint déi organiséiert Kriminalitéit, wéi de Respekt vun de Grondrechter, wéi Kroatien domadder ëmgeet, an dass do och Suivistabellen opgestallt ginn, déi regelmeisseg à jour gesat ginn a wou effektiv all Land selbstverständlech och nach d'Méiglechkeet huet, do Drock ze maachen, dass dat, wat versprach ginn ass, och agehale gëtt.

Dir wësst, et ass ugeschwat ginn, dass en Tëscherapport gemaach gëtt. Mä deen Tëscherapport gëtt all Joer gemaach vun der Kommissioun fir alleguerten déi Länner, wéi Der wësst, déi an der Prozedur dra sinn, fir eng Kéier kënnen Member vun der Europäescher Unioun ze ginn.

Nun, ech mengen, mir wieren dat 13. Land, wa mer elo stëmmen hei oder wann Dir stëmmt hei an der Chamber. Bulgarien, d'Tschechesch Republik, Estland, Italien, Zypern, Lettland, Litauen, Ungarn, Malta, Eisträich, Rumänien an d'Slowakei, déi hu scho ratifizéiert. Also mir sinn do an der gudder Mëtt. An ech mengen, dass dat zu eis passt, och ee Land, wat, wéi d'Madame Polfer richtig gesot huet, ëmmer den Drock oprechterhalen huet, fir dass mer deene Länner am Balkan eng Chance ginn, fir an d'Europäesch Unioun ze kommen.

Institutionell nach, Här President, wëll ech soen, dass selbstverständlech och sech elo eppes ännert, wat d'Parlamentarier ugeet: Zwielf Parlamentarier kritt Kroatien. Si kréien natierlech och e Richter op dem Gerichtshaff, der Cour de Justice européenne. Si kréien een Tribunal, grad wéi op der Cour. Si kréien een Administrateur op der Banque européenne d'investissement. D'Zuel vun de Memberen, dat huet, mengen ech, den Här Angel och gesot, am Conseil économique et social grad wéi am Comité des régions, déi gëtt eropgesat.

An 2014 trëtt dann natierlech och dat a Kraaft am Europäesche Parlament, wat jo decidéiert ginn ass am Traité vu Lissabon, 751 Deputéierten. Do, wou eng eestëmmeg Décisioun da muss geholl ginn, wou awer kee Land ënner sechs Deputéierte fält, soudass mir do net concernéiert sinn.

Ech wollt och nach vläicht just soen, dass a Kroatien och Lëtzebuerg net nëmmen Entwécklungshëllef gemaach huet eng gewëssen Zäit, mä virun allem och Déminage gemaach huet. Mir hu Laangzäitprogrammer finanzéiert bis, mengen ech, virun zwee, dräi Joer, wou déi riseg Flächen a Kroatien, déi eben am Krich affectéiert waren, wou mer gehollef hunn, fir den Déminage do fäerdeg ze bréngen.

Ech wëll och vläicht dem Här Fayot äntworten op seng Fro vun der Ljubljanska Banka. Et ass esou, dass dat eng Bank ass, wou 130.000



Kroaten ongeféier 172 Milliounen déposiert haten op där Bank. Dat war 1991. Dee Sträit hei geet op dat Exjugoslawien zrëck. Déi Leit hunn hir Suen ni kritt. An do ass e Sträit entstanen.

An elo, fir net mech ze laang domadder opzehalen, ass awer am Oktober, elo uganks Oktober, den 3. Oktober sinn déi zwee Ausseministere sech eens ginn, fir nach een drëtte Versuch ze maachen. Dat nennt ee bei der Banque des règlements internationaux, fir do dann een Accord ze fannen, fir déi Leit ze dédommagéieren. An do huet dann de sloweneschen Ausseminister och gesot, si géife ratifizéieren, wa Kroatien sech engagéiert, virun där Banque des règlements internationaux och dee Konflikt léisen ze loossen.

Ech ka mer allerdéngs schlecht virstellen, Här President, Här Fayot, wat Der gesot hutt, dass d’Slowene géife komplett do elo blockéieren. Dir wësst, dass, wann eng Kéier ratifizéiert ass - an et muss jo ratifizéiert gi virum Juli 2013 -, wa ratifizéiert ass, huet natierlech och d’Kommissioun d’Recht, fir effektiv eng Procédure d’infraction anzeleeden, wann ee Land géif säi Marché zoumaache fir Banken aus engem anere Land vun der Europäescher Unioun. Ech ka mer net virstellen, dass et esou wäit géif kommen.

Wann Der mer nach just eng Sekonn gitt. Ech mengen, et ass de Moment och als Ausseminister ganz, ganz kuerz ze kucken, wéi et mat deenen anere Länner um Balkan steet.

Dir wësst, Montenegro huet 2010 de Statut kritt vum Kandidateland. Et sinn elo Wahlen e Sonndeg a Mazedonien (veuillez lire: a Montenegro), legislativ Wahlen. A mir hoffen, dass dat Land, wat jo och ganz staark mat Korrupcioun ze kämpfen huet, staark genuch ass, fir effektiv alleguerten déi Kritären ze erméiglechen. Et ass e klenzt Land, vergläichbar mat Lëtzebuerg. An ech mengen, dat wier och ee Land, wou ech géif mengen, dass et am nooste bäi wier, wou een an Zukunft kéint domadder eens ginn, dass se och kéinte Member gi vun der Europäescher Unioun.

Mazedonien, wësst Der, ass e Land, dat huet schonn de Kandidatstatus zënter 2005. An

2009 huet d’Kommissioun gesot, d’Konditiounen sinn erfëllt, eigentlech kéinten d’Négociatiounen ugoen. An och do, wësst Der, ass e Sträit. Dat ass e Sträit iwwert den Numm vun deem Land tëschent Mazedonien an ebe Griichenland. An dee Sträit, deen ass jo och iwwergeschwappt op zum Beispill eng NATO-Mitgliedschaft. An dee Sträit iwwert den Numm ass nach ëmmer net geléist.

Do ass zu New York eng Prozedur amgaang, déi awer net wäit dréit nach de Moment. Et si Momenter elo ginn, wou ee geduecht huet, a sechs Méint muss se sech dach endlech eens ginn. Mä dat ass net de Fall. Et ass ee Sträit, dee wierklech e bilaterale Sträit ass a wou mer als Europäesch Unioun kënnen encouragéieren, mä mir kënnen en net léisen. Dat ass onméiglech.

A Bosnien-Herzegowina ass et nach e weineg méi komplex, well Bosnien-Herzegowina ass e Land, wou d’Bosnier, d’Kroaten an d’Serben, jiddwereen a senger Communautéit leeft. Dat hutt Der och gesinn elo, e Sonndeg ware Gemengewahlen do. Jiddwer Communautéit stëmmt ebe just hir Leit, hir Leit aus hirer Grupp, ouni elo eng staark Visioun ze hunn, dass Bosnien-Herzegowina och misst als Stat, wierklech als Zentralstat fonctionnéieren. Do sinn nach grouss Mouvementer an der Mentalitéit néideg, fir dat fäerdegzebréngen.

Albanien ass zënter 2009 Baitrëtskandidat. Dir wësst, dass ganz, ganz laang do Majoritéit an Opposition wéi Bëllessen openanergaange sinn. An do ass net vill Sputt gewiescht. Bon, d’Demokratie muss geléiert ginn, dat ass evident. Dat gesitt Der jo och a Länner, déi scho laang d’Demokratie hunn. Mä ech wëll just soen, dass awer do e kleng Liichtbléck ass: Am Summer, elo am August, ass iwwert de Code électoral, wou laang, laang gestridde ginn ass, en Accord fonnt ginn. An dat kënnt, bon...

Dat Lescht, wann Der erlaabt, Här Bettel, nach Kosovo. Dir wësst, dass Kosovo elo komplett onofhängeg ass, dass Kosovo a Serbien déi Négociatiounen, déi gefouert gi si vun der Europäescher Unioun zu Bréissel, bis elo nach zu kengem Resultat gefouert hunn. Dir wësst, dass virun allem am Norde vu Kosovo, Mitrovica - wat jo och d’Lëtzeburger kennen, well mer do

staark präsent sinn -, dass do parallel Institutionen fonctionnéieren. Ech hoffen, dass mat der EULEX a mam gudden Wëllen och vun de Kosovare wéi de Serben agesi gëtt, dass et een Interêt ass fir déi zwou Säiten, fir weinstens zum Avantage vun de Populatiounen op béide Säiten do virunzekommen.

Serbien huet eng nei Regierung kritt. Dir wësst, den Här Nikolić ass éischter bekannt als een, dee méi eng nationalistesch Approche zur Politik huet. Ech hoffen, dass och a Serbien - well dat ass d’Schlësselland vum Balkan, et ass dat gréisste Land, et ass dat wichtegst Land - d’Bewegung zu Europa zou net ofgebrach gëtt.

Ech wëll elo nach ofschléissen, Här President, an lech soen, dass mer selbstverständlech haut als Lëtzeburger Parlament, wann d’Parlament dat mécht, e wichtigen Akt setze fir d’kroatetscht Vollek, wat vun alle Säiten hei och gesot ginn ass, an dass ech iwwerzeegt sinn, dass déi Ofstëmmung, déi mer elo maachen, eng Ofstëmmung ass am Sënn vun der Europäescher Unioun an och am Sënn vun deem, wat d’Europäesch Unioun als Friddensprojet jo bedeit.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Ausseminister. Domadder wäre mer um Enn vun dëser Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6423 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6423 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Marie-Josée Frank), Norbert Hauptert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall’Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Josée Lorsché (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

12. 6474 - Projet de loi accordant la nationalité luxembourgeoise à Madame la Comtesse Stéphanie de Lanoy (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

Ech hat virdru vergiess, d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel iwwert de Projet de loi 6474 ze froen.

Sidd Der och domadder d’accord?


(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da si mer domadder um Enn vun eiser éischter Sitzung ukomm. D’Chamber kënnt muer um zwou Auer nees zesummen.

D’Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 19.02 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

- Octroi du titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l’Administration parlementaire
 - M. le Président
- Communications
 - M. le Président
- Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés
 - M. le Président
- 6450 - Proposition de loi
 - portant abrogation de la loi modifiée du 19 juin 1995 réglant la fermeture des magasins de détail dans le commerce et l’artisanat;
 - portant abrogation de l’article XIV de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d’action national en faveur de l’emploi 1998
 - Déclaration de recevabilité
- 6371 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l’enseignement supérieur
 - Rapport de la Commission de l’Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l’Espace: M. Serge Wilmes
 - Discussion générale: M. Eugène Berger, M. Ben Fayot, M. Claude Adam (M. Eugène Berger intervient), M. Jean Colombero
 - Mme Octavie Modert, Ministre aux Relations avec le Parlement, en remplacement de M. François Biltgen, Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6416 - Projet de loi portant approbation de l’Accord conférant le statut d’organisation internationale à l’Académie internationale de lutte contre la corruption (IACA), signé à Vienne, le 2 septembre 2010
 - Rapport de la Commission juridique: Mme Christine Doerner
 - Discussion générale: Mme Lydie Polfer

- Mme Octavie Modert, Ministre aux Relations avec le Parlement, en remplacement de M. François Biltgen, Ministre de la Justice
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6401 - Projet de loi portant modification de l’article L.521-3 du Code du Travail
 - Rapport de la Commission du Travail et de l’Emploi: M. Roger Negri
 - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Serge Urbany
 - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Immigration
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Débat d’orientation sur l’amélioration du bien-être au travail
 - Exposé: M. Lucien Lux (dépose une motion)
 - Débat: M. Robert Weber, M. André Bauler, Mme Josée Lorsché, M. Jean Colombero (M. Lux intervient), M. Serge Urbany
 - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Immigration (M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale, intervient et M. Jean Colombero pose une question)
 - Vote sur la motion (adoptée)
 - Questions urgentes n°2345 de M. Camille Gira et n°2346 de M. Xavier Bettel sur les cartes d’identité
 - M. Camille Gira, M. Xavier Bettel
 - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l’Intérieur et à la Grande Région (M. Camille Gira pose une question)
 - M. Camille Gira et M. Xavier Bettel (questions complémentaires)
 - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l’Intérieur et à la Grande Région

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Nicolas Schmit et Mme Octavie Modert, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.00 heures)